

dozou, kouvum net vun ongeféier op deene Plazen op an ass bestëmmt net ouni Hannergedanke vun deenen um Brutschele gehale ginn, déi hire Maartundeel ganz gären op eis Käschte vergréissere géifen.

An anere Wieder, et geet hei ëm e Stéck, ëm eist Stéck vun engem Kuch, un deem net nëmmen eis Bourse, mä eis ganz Finanzplaz ziert. Dofir ass dat, wat mir haut maachen, esou wichteg fir eis Zukunft. Dofir huet de Statsrot matgespillt, wéi et drëm goug, déi lescht Amendementer nach séier duerchzebréngen, woufir hie vun hei aus e spezielle Merci verdéngt. Dofir recommandéieren ech lech dëst Gesetz ze stëmmen, zu deem ech fir main Deel d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun heimat abréngen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Den éischte Riedner ass den honorabelen Här Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Meisch (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischst dem honorabele Rapporteur, dem Här Lucien Thiel, villmools Merci ze soen an him ze félicitéieren fir déi Explikatiounen, déi en hei ginn huet, awer och scho fir sai schréffleche Rapport, dee ganz detailléiert war an dee probéiert huet, a kuerze Wieder ze resüméieren, ëm wat et hei geet.

Et geet jo ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv aus dem Joer 2003, déi nach eng kéier zréckkënn op d'Aart a Weis wéi déi Prospektur mussen ausgesinn. Do hate mer schonn eng Direktiv 2001, déi ass elo nach eng kéier affinéiert ginn a komplettéiert ginn, an d'Zil dovunner ass et eben och, nach eng kéier méi Transparenz ze kréien, awer och, wéi et richtig gesot ginn ass, d'Käschte fir d'Emetteuren erofzedrécken, andeems mer kloer Konditiounen hunn euopawäit wat am Prospekt muss stoen. Op där anerer Säit awer och, wann de Prospekt vun engem Memberstat bis ewell unerkannt ass, datt dann déi separat Unerkennung eben net méi noutwenneg ass, datt se dann eben och automatesch an all deenen anere Memberstaten unerkannt ass.

Dat ass ze begréissen, ganz besonnesch eben och aus där Ursaach eraus well mer wëssen, datt ganz vill Obligatiounen grad hei zu Lëtzebuerg placéiert ginn. Et ass hei op d'Wichtigkeet vum Marché obligataire fir d'Finanzplaz higewise ginn an och op dee grouss Volumen, deenen hei traitéiert gëtt, och am Verglach zu Europa, respektiv weltwäit.

An duerfir kënne mer frou sinn, datt mer déi Direktiv do, zwee Joer nodeems se ugeholl gouf, hei zu Lëtzebuerg kënnen ëmsetzen. Dat erméiglecht eiser Bankplaz do mat Zäiten drop kënnen ze reagéieren an eventuell nach fir do vun engem gewëssene kompetitive Virdeel op aner Länner kënnen ze profitéieren.

Dat gesot, wëll ech am Numm vun der DP-Fraktioun hei och eis Zoustëmmung abréngen an ech hoffen, datt mer fir dese Projet dann eng grouss Majoritéit och an deem Haus wäerte kréien.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

(Brouhaha général)

Da komme mer direkt zum honorabelen Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech wollt just nëmmen den Accord vun eiser

Fraktioun zu deemem Projet de loi ginn, dee ganz wichteg ass, well en eng etlech Präzisiounen gëtt. An ech wollt och dem Rapporteur Merci soe fir sai gudden Bericht.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Domat ass d'Diskussion vun deemem Projet de loi ofgeschloss. Mir kommen dann direkt zur Diskussion vum Projet 5409. D'Wuert huet de Rapporteur, nees den honorabelen Här Lucien Thiel.

3. 5409 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, och bei deemem zweete Projet geet et ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv, och bei deemem Projet geet et ëm d'Verdéiwung vum Bannemaart an ëm de sou genannten europäesche Pass, deenen den Exercice vun enger bestëmmter Aktivitéit queesch duerch Europa erlaabt. An och bei deemem Projet geet et ëm de Finanzsektor, mä méi prezis ëm den Assuranceberäich an ëm déi Aktivitéit, déi an der offizieller Sprooch „Intermediation“ heescht.

Den Zweck vun der Direktiv ass et dem Tëschenhandel am Assurancegeschäft en ähnleche Statut ze ginn, wéi den Assurance selwer, déi scho säit geraumer Zäit hiren EU-Pass hunn an déi op Grond vun där besonnescher Natur vun hirem Geschäft enger Retsch vun nationalen an europäesche Regeln ënnerworfen sinn, mat deenen aner Méitieren sech net erëmzeklappe brauchen.

D'Ëmsetzung vun der Direktiv iwwert d'Assurancenintermediation geschitt iwwer eng Ofännerung vum 91er Gesetz, dat d'Versicherungswiese bei eis reglementéiert. Alles wat intermédiaire an deem Beräich ass, also Agenten a Courtieren an elo neierdengs och Sous-courtieren, all déi kréien elo d'Dier zu Europa grouss opgemaach an därefen sech an Zukunft de ganzen EU-Maart ënnert den Nol räissen, insofern se Loscht drop hunn.

Eppes weltbewegend Neies bréngt déi Ëmsetzung eigentlech net, well all déi Oploen, déi d'Direktiv den Agenten a Courtieren um europäesche Plang mécht, gëtt et scho laang um nationalen Niveau heiheim. Schliesslech kenne mir des Aktivitéit vum Courtier a vum Agent nowiesleech scho säit iwwer 150 Joer an eisem Land, Zäit genuch fir dee Métier schréttweis ze reglementéieren an zum Beispill dofir ze suergen, datt déi, déi sech him verschreiwen och déi néideg Honorabilitéit a virun allem déi néideg Fachkenntnisser hunn, wa se op d'Clientele lassgelooss ginn.

Dofir ännert des Direktiv eigentlech net ganz vill un deem wat mir scho längst kennen. Wierklech nei ass, ausser der Schafung vun der Kategorie vun de Sous-courtieren, datt éischters an der Zukunft dee Register, deenen et scho laang bei eis gëtt, muss op Distanz kënnen agesi ginn, och aus dem Ausland.

Zweetens, datt d'Agenten an d'Courtieren hire Clienten eng Retsch vun Informatiounen musse liwweren, eier déi eng Police bei hinnen ënnerschreiwen.

An dréttens, datt d'Iwwerwachungsinstanz vum Sektor, de Commissariat au Contrôle des Assurances d'Roll vum Ombudsmann fir den Assuranceberäich iwwerhuele muss, wéi et jo scho méi laang de Fall fir d'CSSF am Bankesektor ass.

Doduerch datt och elo d'Agenten an d'Courtieren, déi eng fir hir Versicherungsgesellschaft, déi aner fir déi Assurancen, deenen hir Pro-

dukter si un de Mann oder un d'Fra brénge wëllen, iwwert d'Grenzen ewech a ganz Europa aktiv kënne ginn, soll de Bannemaart e Stéck weider Realitéit ginn. Dat ass op alle Fall den Haaptbut vun der Operation. An engems soll awer och dofir gesuergt ginn, datt de Client vu sengem Assurancen-Démarcheur ronderëm informéiert a gutt berode gëtt, dat souwuel wat d'Assuranceprodukt ubelaangt, wéi och d'Versicherungsgesellschaft selwer, déi des Produkt ubitt.

Allerdéngs geet déi Direktiv net esou wäit, datt si total harmoniséiert. Si beschränkt sech op eng Retsch europäesch Basisregelen a léisst den Nationalstaten dernéist e gewëssene Spill, wann et drëm geet, den Zougang zum Métier am Detail ze regelen an nach méi streng Oploen zum Beispill a puncto Informatioun vum Client ze maachen. A si erlaabt virun allem den Einzelstaten - mam Argument vum sou genannten „intérêt général“ - auslänneschen Intermediären, déi am Kader vun der „libre prestation de service“ (LPS) op hirem Territoire operéieren, zousätzlech Contrainten opzeerleeën.

Esou vill Spillraum huet natierlech sai Gudd, well en der Konkurrenz tëscht den eenzelne Länner Plaz léisst. Hie kann awer och dozou féieren, datt versicht gëtt mat allerhand Schikanereien ënnert dem Virwand vum Knätschgummisbegrëff „intérêt général“, d'Protektionsbarrière géint d'Konkurrenz vun dobaussen opzeiichten. Et war jo net fir d'éischt, datt op esou Tricken zréckgegraff géif ginn.

Op jiddfer Fall heescht dat fir d'Intermediären, also d'Agenten an d'Courtieren, déi vun hirem europäesche Pass Gebrauch maache wëllen, datt si sech permanent um Lafenden hale mussen, och a virun allem iwwert dat, wat esou ronderëm geschitt, ier dass si sech da bei hiren LPS-Virstéiss richtig uleeë kënnen.

Op déi Aart a Weis dierft dëst Gesetz dozou bäidroen, datt de Professionalismus och am Beräich vun dem Assurancetëschenhandel nach méi Opdriff kritt, wat um Enn natierlech nëmmen dem Client zegutt komme kann.

Dofir an och well heimat en neien aus eiser Perspektiv zwar klengen awer dach ëmmerhin e Schrëtt weider a Richtung Integration vum europäesche Wirtschaftsraum gemaach gëtt, recommandéieren ech lech des Ëmsetzung ze stëmmen, geneesou wéi meng Fraktioun dat och wäert maachen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Meisch ageschriwwen. Här Meisch!

Discussion générale

M. Claude Meisch (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nach eng kéier dem Rapporteur Lucien Thiel villmools Merci soe fir sai schréfflechen an och sai mëndleche Rapport hei zu engem Gesetzesprojet, dee jo wéineg Neierunge fir déi national Législatioun mat sech bréngt, mat Ausnahme, datt eben d'Kategorie vum Sous-courtier hei kloer definéiert gëtt, mat enger Rei vun Extensiounen fir d'Missionen vum Commissariat aux Assurances. Ech fannen dëst e gudden Projet an d'Demokratesch Partei wäert deem zoustëmmen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Dann déi honorabel Madame Mutsch.

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Här President, am Numm vun eiser Fraktioun géif ech och dem Rapporteur Merci soe fir sai ganz prezise Rapport. Och mir kënne mat deemem Projet d'accord sinn, zemools wou déi Recommandatiounen vum Statsrot jo vun en alleguerte respektéiert gi sinn. Ech wëll dann och am Numm vun eiser Fraktioun de positiven Accord zu deemem Projet mat op de Wee ginn.

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Dann den honorabelen Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President,...

M. le Président.- Här Henckes, Dir wësst Är Zäit ass kuerz beméiss.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Leider. Ech wäert dofir versichen et kuerz ze maachen.

Ech liesen am Rapport, datt d'Iddi vun de Pensiounsfongen zu Lëtzebuerg net vill Succès fonnt huet, an dat gëtt och mat deemem Projet de loi net besser. Ech bedauere just nëmmen, datt zum Beispill am Artikel 6-3 an am Artikel 26-2 Modalitéte virgesi sinn iwwert d'Statuten, wou d'Actionnaires, dat heescht d'Compagnies d'assurances, elo solle mat integréiert ginn, wa se de Règlement de pension...

Une voix.- 't ass schlëmm, wann een en Dag net hei war!

(Interruptions)

Une autre voix.- Dir sidd am falschen Text

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Wat? Nach een.

Une troisième voix.- Dir sidd am falsche Film, Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- 't ass gutt, da wäert ech mer elo erlaben...

(Interruptions et hilarité)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Henckes, dat ass wann een en Dag net hei ass, da kënnt een nawell gären duercherneen.

M. Ben Fayot (LSAP).- Dir musst méi oft an d'Chamber kommen, Här Henckes!

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech entschëllege mech, Här President.

(Interruptions)

Dir musst mech e bësselchen entschëllegen, dat war elo e bësselche séier gaangen, mä vu datt mer hei am Zwou-Minuten-Takt all méigleche Gesetzer stëmmen, kann dat emol virkommen.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Et ass nääscht, Här Henckes, dat kënnt jiddferengem passéieren.

Sout, domat ass d'Diskussion...

(Interruption)

Huet d'Regierung d'Wuert gefrot?

(Interruption)

Méi spéit, d'accord.

Domat ass d'Diskussion vun deemem Projet de loi och ofgeschloss a mir kommen zum nächste Projet de loi an - wei kënnt et anescht sinn - och do ass den honorabelen Här Lucien Thiel Rapporteur.

4. 5360 - Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle

5361 - Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle

sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep) et portant modification de l'article 167, alinéa 1 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Jo, Merci, Här President. Ech wëll dem Här Henckes sain Äifer fir d'Pensiounsfongen net bremsen, duerfir maachen ech et da kuerz och mat deem leschten.

(Hilarité)

Fir den Triptyque voll ze maachen, wëllt mer dann eng drëtt Direktiv haut ëmsetzen. Dat ass vun deenen dräi, iwwert déi mer haut diskutéieren, wuel déi, déi am meeschte weit, an dat net nëmme well mer gläich zwee Gesetzer brauchen, fir se ze implementéieren.

Är Finanz- a Budgetskommission, Här President, huet sech erlaabt, déi zwee Gesetzesprojeten an engem an deemselwechte Rapport ze behandelen, well et sech och ëm een an deemselwechte Sujet handelt. Datt ee gläich zwee Gesetzer duerfir brauch, ass méi eng Formsach an ännert nääscht um Fong, wéi mer elo gläich gesi wäerten.

Mir hu laang missen hei zu Lëtzebuerg op des Direktiv iwwert „d'Aktivitéiten an d'Iwwerwachung vun den Anrichtungen fir d'berufflech Altersversuergung“ - dat ass dee schrecklechen Titel - waarden. Dee ganzen Titel ass e bëssen trapech an der Bréisseler Bürokratesprooch, an duerfir, wann Der erlaabt, géif ech fir de Rescht vu menger Interventioun nëmme méi vu Pensiounsfonge schwätzen, och wann dat net ganz richtig ass, well et gëtt och Produkter, déi keng Fonge sinn an déi deemselwechten Zweck déngen.

Et gouf e ganz spezielle Grond, datt grad mir op déi Direktiv hei gammst hunn. Scho säit Métt den 90er Joren, wéi sech d'Währungsunion a mat hir d'Harmoniséierung vun de Spillregelen, notament deenen am steierleche Beräich, ofgezeechent hunn, stoungen d'Pensiounsfongen op der Lee vun de Projekte vun eiser Finanzplaz. Där hir Responsabel waren sech bewosst, datt d'EU-Dampfwalz deenen een oder anere vun hire Créneauë platt maache kënnt, an datt Ersatz misst geschafe ginn, wann een de Fortbestand vun der Finanzplaz ofséchere wëllt.

Eng vun deene Pisten, déi deemools an d'A gefaast goufen, war déi vun de Pensiounsfongen. Et war ee sech bewosst, datt d'Vee-eelzung vun eiser Gesellschaft fréier oder spéider e Problem fir eis traditionell Altersversuergung géif ginn, an datt ee mat Zäit no Lösung misst sichen, fir dat Lach, dat sech do opdeet, ze stoppen.

Deemools kouv d'Iddi op, fir vun der Presenz vun deene sëllechen auslännesche Banke bei eis ze profitéieren, fir Lëtzebuerg zu engem Zentrum fir Pensiounsfongen ze maachen - an zwar Pensiounsfonge fir Entreprises am europäeschen Ausland, deenen hir Pensiounsreserven dann hei géifen administréiert, verwalt ginn. Schliesslech ass eis Finanzplaz mat ganz Europa vernetzt, huet iwwerall e gudden Numm als héich professionelle Geldcenter a steet am Ruff, méi séier a méi flexibel wéi anerer ze sinn, wann et drëms geet, sech un nei Maarkonditiounen unzepas-sen.

Duerfir ass am Juni 1999, e puer Deeg virun de Chamberwahlen, e Gesetz gestëmmt ginn, dat eemoleg wäit a breet war - an nach haut ass -, well et quasi all Formë vun Zousazpensiounen méiglech mécht.

A well och eis Assurancen e Stéck vum grouss Kuch wollten hunn, kruten si och hiren eegene Pensiounsvehikel deemools, esou datt schliesslech all Mënsch op der Plaz parat fir dat grousst Pensiounsgeschäft war.

Do huet just nach eppes gefeelt, ier mer konnte lassleeën, an dat war de Maart. D'Ouvertür vum europäesche Wirtschaftsraum, mat där 1999 fest gerechent gi war, huet op sech waarde gelooss, an zwar ganz genau véier Joer laang. Eréischt am Juni 2003 koom déi Direktiv, déi de Marché opmaachen a paneuropäesch Pensiounsfonge méiglech maache sollt. Et ass déi Direktiv, ëm där hir Emsetzung et haut hei geet.

Am Mëttelpunkt vun der Direktiv steet alt erëm eng Kéier den EU-Pass, dës Kéier fir d'Pensiounsfongen an ähnlech Bank- oder Versécherungsprodukter. Et geet drëms, éischstens de Fournisseure vun Zousazpensiounen hir Aktivitéit um europäesche Plang ze reglementéieren, zweetens hinnen ze erlaben, europawäit hir Produkter unzebidden, an drëttens eng maximal lwwerwaachung vun hiren dach awer méi delikat Aktivitéiten zum Gudden vun deenen ze assuréieren, ëm deenen hir Altersversuergung et schliesslech geet.

Et kann net weider verwonneren, datt grad d'Bénéficiaire vun de Pensiounsfongen eng zentral Roll an der Direktiv spillen, well souguer dann, wa si selwer net direkt zu deem Kapital bäigedroe sollten hunn, aus deem hir Zousazpensiounen herno bezuelt ginn, handelt et sech dach awer ëm Suen, déi fir si meeschtens vun hiren Entreprises op d'Säit geluecht gi sinn an déi domat hinnen zoukommen. Et ass dës Eegenaart, déi aus de Pensiounsfongen e ganz besonnescht Finanzprodukt mécht, nämlech eng kommerziell Wuert mat enger sozialer Dimensioun.

Duerfir och déi strikt Regeln, souwuel wat d'Informatioun vun de spéidere Pensiounsempfänger wéi och d'Précautiounen bei der Verwaltung vun de Fongen an dem Beuechte vun de jeeweilige Pensiounsusancen an den eenzelne Länner ubelaangt.

Wann een all déi sëllegen Oploen erfëllt, déi an dësem spezielle Fall ganz bestëmmt berechtegt sinn, kann een als Opérateur seng Fongen iwwert d'Grenzen ewech a ganz Europa vermaarten. Dat heescht, eng Lëtzebuerger Bank oder Assurance ka Clienten - an der Regel Entreprises, déi Zousazpensiounen fir hir Belegschaften schafe wëllen - queesch duerch ganz Europa zerwéieren, an déi ugesammelt Kapitalien hei zu Lëtzebuerg verwalten. Dat hate mir schonn deemools mat dem 99er Gesetz an der Nues, an dat soll elo definitiv duerch dës Direktiv ofgeséichert ginn.

Datt mir gläich zwee Gesetzter brauchen, fir déi Direktiv ëmzesetzen, huet wuel wéineger mat där hirer evidenter Wichtigkeet fir eise Finanzsektor, wéi mat formale Contrainten ze dinne. Mir hunn, wéi gesot, schonn eng zimlech ausgefeilte Gesetzgebung iwwert „d'Pensiounsfongen a Form vu sepcav an assep“, wéi d'Gesetz vun 1999 heescht.

Fir déi, déi net esou kënneg si mat deenen Ofkierzungen, „sepcav“ steet fir „société d'épargne-pension“ a bezeechent déi Pensiounsfongen, déi vun hirer Ausrichtung hier méi un Investmentfongen erukommen a sech virun allem fir de Modell vun der „defined contribution“ prétéieren, bei där d'Zousazpensioun net fixe ass, mä sech no dem abezuelte Kapital riicht. „assep“ steet fir „association d'épargne-pension“, déi méi op eng Versécherung erausleeft an déi en „defined benefit“, also eng am Viraus festgeluechte Rent verspricht.

An d'Gesetz vun 1999 hat dës Direktiv, déi véier Joer duerno koom,

souzesoe virewechgeholl. Haut geet et drëms, dat Gesetz un déi Direktiv unzepassen. D'Regierung huet sech duerfir entscheet, net an deem alen Text erëmzepiddelen, mä der besserer lwwersicht halber en duerch en neien ze ersetzen.

Dat wëllt heeschen, de Projet 5361 léist also eist 99er Pensiounsfongegesetz of, derbanst de Projet 5360 éischter op e méi breet Kadergesetz erausleeft, dat iwwert de reinge Beräich vun „assep“ an „sepcav“ erausgeet an zum Beispill och déi Assurancéprodukter ofdeckt, déi deemselwechten Zweck dënge wéi d'Pensiounsfongen.

An deem Kadergesetz gëtt dann och preziséiert, wéi eng Instanz fir wéi eng Zort vun Opérateure bei eis zoustänneg ass. Déi Kontrollinstanze spillen eng wichteg Roll, well d'Direktiv dach nach munchen Detail den Nationalstaten, an domat deenen hiren lwwerwaachungsorganen iwwerléisst.

Zoustänneg si bei eis gläich dräi Instanzen: d'lwwerwaachungskommissioun vum Finanzsektor, d'CSSF, fir d',assepen“ an d',sepcaven“, déi zu Lëtzebuerg a vu Lëtzebuerg aus operéieren; dann d'Assurancékontrollkommissariat, fir déi Pensiounsprodukter, déi duerch e groussherzogleche Règlement vun 2000 agefouert goufen; a schliesslech d'Inspektioun vun der sozialer Sécherheet, besser bekannt ënnert dem Kierzel IGSS, fir all Zousazpensioun, déi vu baussen eran, dat heescht vun auslännesche Fournisseuren enger Lëtzebuerger Clientèle offréiert ginn.

Vläicht stellt elo deen een oder deen anere vun lech sech d'Fro, ob et net méi einfach géing an ob en eenzelne Controller et net och géif doen. Déi Fro ass berechtigt a si spillt och an dat eran, op wat ech elo ofschléissend nach wëll agoen, nämlech op déi Grënn, firwat et eiser Finanzplaz trotz allen Efforté bis elo net gelongen ass, sech als Pensiounsfongeplaz international ze positionéieren an ze imposéieren.

Ganzer 13 Pensiounsfonge vun éischter bescheidenem Ausmooss ass alles, wat mer bis elo opzeweisen hunn. Dat bleift wäit hannert den Hoffnungen an Erwaardungen zréck, déi sengerzäit un d'99er Gesetz geknëppt goufen, an duerfir gëtt et eng Rëtsch vun Erklärungen.

Et läit op der Hand, datt d'Feele vun engem EU-Pass fir Zousazpensiounen all déi Joren eng grenziwwerschreidend Fongenaktivitéit quasi onméiglech gemaach huet. Op d'mannst dee Steen ass elo mat dëser Direktiv aus dem Wee geraumt, an de Maart ass elo op - wann och vläicht nëmmen an der Theorie, well an der Praxis wäerte mir eis nach un esou munch projektionistesche Barrieren an deenen eenzelne Länner stoussen.

Mä et wär falsch, d'Ursaache fir dee mëssgléckten Départ an dat grousst Pensiounsfongegeschäft eleng deene luesen Europäer an d'Schong ze schubsen, oder deene protektionisteschen Noperen, déi natierlech probéieren, d'Kapital vun den Zousazpensiounen fir hir national Ekonomien ze reservéieren, amplaz se an d'Ausland offléissen ze loossen.

E bësse musse mer d'Schold och scho bei eis selwer sichen - virun allem bei eiser zimlech zweegespléckter Astellung, déi deemools zum Virschäi koom, wéi mir deeselwechten Dag d'Pensiounsfongegesetz an d'Gesetz iwwert d'Zousazpensiounen gestëmmt hunn, déi jo bezeechnenderweis och ënner zwee verschidde Ministère gefall sinn.

Wéi et nämlech drëm giong de Mammenhaiser vun eise Banken hei zu Lëtzebuerg, Lëtzebuerg als dee Standuert fir d'Pensiounsfongeverwaltung ze verkafen, an d'Mammen doropshin hiren Duechtere gesot hu si sollten dann emol

ee Modell bei sech selwer bastelen, hunn eis Banken net grad dat néidegt Versteedemlech bei eisen Autoritéite fonnt. Déi haten offensichtlech Schwieeregkeeten sech alleng...

■ **Une voix.-** Dat kann dach net sinn!

■ **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.-** Dach. Här Grethen, an Dir wësst et och.

Déi haten offensichtlech Schwieeregkeeten sech alleng scho mam Prinzip vun de Pensiounsfongen unzefrënnen, an hunn esou vill Oplage gemaach, datt schliesslech kaum nach ee Loscht hat e Fong fir sech op d'Been ze setzen.

Hei knuppe ganz kloer zwou ënnerschiddlech Mentalitéiten opeenen. Op där enger Säit déi europäesch, déi nach zu engem gudden Deel vum Bismarck senger Sozialversuergung geprägt ass, an op där anerer Säit den angelsäsesche Modell, dee méi op déi individuell Ofsécherung an domat op fräiwëlleg Virsuerg setzt. Mä déi Kulturkollisioun ass eis jo net friem; an dat net eréischt, säitdem datt den Här Blair versicht huet dem europäesche Sozialmodell de Fouss ze setze fir en duerch seng sou genannt liberal Moderniséierung vun Europa ze ersetzen.

Wéi gesot, nach sinn net all Barrieren heiheem an och dobaussen aus dem Wee geraumt sinn, mä op d'mannst gëtt mat der Emsetzung vun dëser Direktiv en entscheedende Schrëtt an déi Richtung gemaach fir déi mir eis schonn deemools décidéiert haten, wéi mir 1999 eist Pensiounsfongegesetz gemaach hunn. Elo kënnt et dorop un déi Ouvertür voll fir eis ze notzen a Profit doraus ze schloen, datt eis Finanzplaz sech a puncto Pensiounsfongen dach iergendwéi scho waarm gelaf huet.

Ëmmerhi si mer amgaang eis an der Fachwelt als Standuert fir eng ganz speziell Variant vu Pensiounsfongen ze positionéieren, déi sou genannt „pension pooling funds“, bei deene méi Pensiounsfongen, beispillsweis vun engem Grupp, hiert Kapital zesummeleeën en vue vun enger méi effikasser Gestiou.

Grouss Multinationale sinn op der Sich no deem richtege Standuert fir hir eenzel national Pensiounsregimer ze regroupéieren. Mir leien do am Moment net schlecht an der Course, mä mir hunn awer mat redoutabele Konkurrenten ze dinne, wéi zum Beispill mat eise Ernärval Dublin. Eng vun de Konditiounen, fir datt mir dat Renne maachen, ass och datt mir um leschte Stand vun der europäescher Législatioun sinn. Dofir ass et esou wichtig, datt mir dës Direktiv elo ëmsetzen.

Eng aner Pensiounsfongespezialitéit vun der Plaz schéngt eise Modell vun de „fonds multi-employeurs“ ze ginn, deen an deem neie Gesetz verankert gëtt. Déi „fonds multi-employeurs“ ergänze gewëssermoossen d',pooling funds“ no ënnen. Si sinn op déi méi kleng Entreprises zougeschnidden, déi, wa si sech zu méi zesummendinn, duerch eng gemeinsam Gestiou vun hire Pensiounsfongen hire Leit ähnlech Leeschtungen offréiere kënnen wéi déi grouss.

Et ass also net wéi wann nach guer näischt a puncto Pensiounsfonge geschitt wier. Mir si parat, fir de grenziwwerschreidende Pensiounsfonge-Maart unzegoen, deen dat wuel gréisste Geschäft an der Zukunft fir d'Finanzmäert wäert ginn.

Déi Direktiv, déi mer haut ëmsetzen, mécht eis d'Paart e gutt Stéck méi wäit op. Un eisen Opérateure läit et elo dat Beschtt doraus ze maachen; dat Beschtt fir sech, fir eis Finanzplaz an domat och e bësse fir eis alleguer. An dofir wäert Dir och net weider verwon-

nert si wann ech den Accord vu menger Fraktioun zu deenen zwee Gesetzter hei abréngen an lech Merci soen, datt Dir nogelauschtert hutt. Op d'mannst deenen, déi nogelauschtert hunn.

Merci.

■ **Une voix.-** Très bien.

■ **M. le Président.-** Merci, Här Thiel. Den Här Meisch ass den éischte Riedner. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Claude Meisch (DP).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, a mäi Virriedner huet et gesot, datt op Grond vun der demographescher Entwécklung, op Grond vum Fait, datt mer ëmmer manner aktiv an ëmmer méi pensionéiert Leit hunn, datt dat Verhältnis sech zu Gonschten ebe vun deene Pensionéierten entwéckelt, datt do eng ganz Rei vu Problemer op d'Länner duerkommen, déi an eise Entwécklungsstadium si wéi a Westeuropa, an datt mer eis do musse Froe stellen, datt mer eis Froe musse stelle fir d'Zukunft an d'Ofsécherung an d'Sécherheet am Allgemenge vun eise Pensiounsystem.

Et gëtt mat Sécherheet do keng Allheilmëttel, mat Sécherheet keng Solution miracle, mä datt mer awer musse kucke vläicht méi onofhängeg ze gi par rapport zu där demographescher Entwécklung, eis méi resistent dozou ze maachen, an do kann een Deel Eegeversuergung, een Deel Zousazversuergung och duerch de Patron nëmmen hëllefen, fir eis Zukunft do besser ze preparéieren.

Et ass net, datt mir dat alleng hei zu Lëtzebuerg maachen, et ass sou, datt déi Diskussiounen do queesch uechter Europa an uechter aner Länner lafen an dofir ass et jo och esou, dass ee grouss Marché eben opgaangen ass an an Zukunft nach wäert opgoen, dee vun eben de sou genannte Pensiounsfongen, an dofir ass et ze begrëissen, datt mir dat Gesetz, wat 1999 hei gestëmmt ginn ass...

■ **M. le Président.-** Här Jaerling, wollt Dir eng Fro stellen?

■ **M. Aly Jaerling (ADR).-** Neen.

■ **M. le Président.-** Dann ass et gutt. Ech hat gemengt, well Dir lech esou haart...

■ **M. Claude Meisch (DP).-** Ech géing dem Här Jaerling awer gären op d'Fro äntweren.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).-** Ech hunn den Här Meisch gelueft.

■ **M. Claude Meisch (DP).-** Ma dat ass gutt, dat kënnt Dir méi oft maachen. Macht et net nëmmen hei am Haus, maacht et och dobaussen, Här Jaerling.

(Hilarité)

Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt et wichtig ass, datt mir dat Gesetz vun 1999 hei punktuell nach eng Kéier adaptéieren. Wat nämlech ganz besonnesch wichtig ass, dat ass, datt mir de Leit Vertraue ginn, datt wa si fir sech selwer virsuergen, datt wann hire Patron zousätzlech virsuergt, datt dat e séchere Wee och ass, fir seng eegen Altersversuergung kënnen ze garantéieren. An et ass jo och ee vun den Hauptpunkten an dësem Projet de loi de Schutz vun deene Mechanismen, awer och vun deene Versécherte selwer.

Wat och gutt ass a wat zousätzlech Chancë fir d'Bankplaz Lëtzebuerg ka bréngen, dat ass, datt hei de Marché an engem gewëssene Sënn harmoniséiert gëtt, datt mer och do gréisstendeels déi Spillregeln, déi gëllen, net nëmme fir Lëtzebuerg definéieren, mä datt mer déi upassen un déi an anere Länner. Dat kann, mat deem Know-how gekoppelt, dee mir hei op ei-

ser Bankplaz hunn, awer och mat deenen Ambitiounen an deenen Efforten, déi mat Sécherheet hei op der Bankplaz och nach amgaange sinn entwéckelt ze ginn, dozou féieren, datt dee Secteur do, dee vläicht wéi de Rapporteur gesot huet nach net sech esou développéiert huet wéi hei 1999 am Haus och gehofft ginn ass a gemengt ginn ass, datt mer awer déi Entwécklung do net wäerte verpassen an nach déi nächst Jore kënnen nohuelen.

Dat gesot, wëll ech dem Rapporteur Merci soen an d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen, an och nach eng Kéier hoffen, datt dëse Projet dann och hei wäert eng Majoritéit fannen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.-** Très bien.

■ **M. le Président.-** Merci, Här Meisch. Den honorabelen Här Negri huet d'Wuert.

■ **M. Roger Negri (LSAP).-** Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Lucien Thiel Merci soe fir seng excellent Aarbecht, hien huet wierklech ee gudden Rapport gemaach an „just in time“, fir dass mir do nach fäerdeg ginn elo fir den 1. Juli. Ech hoffen, dass mir op deem Wee och dann elo hei wierklech zu Lëtzebuerg een Zentrum kréie fir Pensiounsfongen. An deem Sënn wëll ech den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.-** Très bien.

■ **M. le Président.-** Merci, Här Negri. Den honorabelen Här Bausch.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).-** Mir sinn och mam Projet d'accord.

■ **M. le Président.-** Merci, Här Bausch. Här Henckes, elo ass Ären Tour.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Loosst elo den Här Henckes schwätzen!

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt en Extrait vun dem Rapport virlesen: «L'idée des fonds de pension à la luxembourgeoise n'a pas connu le succès qu'on avait pu espérer. Les quelques fonds de pension qui existent n'ont pas la masse critique permettant d'établir à Luxembourg un savoir-faire et une renommée. La question se pose dès lors quelles étaient les raisons de ce relatif échec.»

Et muss een hei festhalen, datt de Projet de loi vun der Iddi hier zwar gutt ass, well mir müssen eng Transpositioun vun enger Direktiv virhuelen, mä datt mir erëm hei d'Konditiounen vum Echec mat aprogramméiert hunn. Wann een nämlech vergläicht wat an Holland, an England, a Portugal oder an der Belsch zum Beispill leeft, da gesäit een, datt mir hei eng lwwerreglementatioun hunn, déi een an anere Länner net fënnt, a wou dann natierlech och den Echec bei de Commerciaux wäert zimlech flagrant ginn.

Ech wëll nure kuerz e puer Artikelen nennen, déi net an der Rei sinn, déi een a soss kenger Législatioun fënnt ënnert där Form: dat ass den Artikel 6-3 a 26-2, wou d'Statuten, d'Modalités d'établissement et de modification du règlement de pension virgesi sinn. Mir verstinn net, firwat datt d'Assurancen, déi meeschtens Actionnaire hei sinn, musse gefrot ginn an Accorde ginn, do wou den Employeur an d'Salariat en Accord fonnt hunn. Dat gëtt et a kengem anere Land.

Da sinn déi Artikelen 68 bis 71 iwwert de Règlement de pension net kloer, vill ze vill komplizéiert an der Prozedur. Do gesäit een och, datt

am Ausland déi Saache vill méi einfach duerchgezu gi sinn.

Et muss een och bedauern, datt bei der Exekutioun Strofbestëmmunge virgesi sinn, souguer bei enger Erreur matérielle. Och dat fënnt een a kengem anere Land.

Den Artikel 100 zum Beispill weist där Infractionne vir, an et misst ee scho bal Masochist si fir zu Lëtzebuerg ënnert deene Konditiounen Gestionnaire vu sengem Fong ze ginn.

Et kann dach net sinn, datt dat, wat mer zum Beispill am Blanchiment virgesinn hate fir Affekoten, wou d'Intentioun muss virleien, hei net berücksichtegt ginn ass, an datt eng einfach Erreur matérielle duergeet.

Da muss ee beim Artikel 108-2 virgesinn, datt do anscheinend déi non communautaire Fonge viséiert sinn. Ech froen de Rapporteur, firwat déi communautaire Fongen an dësem Gesetz op dësem Punkt excluéiert sinn.

Deen drëtten Punkt, dat ass d'Mise en œuvre, dat ass den 23. September 2005 vun dësem Joer. Dat ass ee relativ kuerzen Délai - en ze vill kuerzen Délai a mengen Aen -, fir kënnen hei sech konform zum Gesetz ze setzen. Zumools mat deene ville Prozeduren an Dokumenter, déi mussen erstallt ginn.

Aus deem Grond kënnen mer mat dësem Projet net d'accord sinn. Mir wäerten ons dofir enthalten.

M. le Président. - Merci, Här Henckes. Dann huet d'Regierung d'Wuert. De Budgetsminister, den Här Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt zu deene véier Projeten zesumme schwätzen, well am Fong gehéieren déi véier zesummen.

Déi véier verstärken d'Gesetzgebung vun eiser Finanzplaz. Dat ass gutt fir d'Finanzplaz, dat ass gutt fir eist Land, well d'Finanzplaz ass ee vun den Haaptpillere vun der Lëtzeburger Economie an et ass och eng vun de groussen Einnahmequelle vum Lëtzeburger Stat. An duerfir mengen ech ass et gutt, datt ee sech ëmmer rëm mat deem Sujet ofgëtt.

Et ass duerfir net d'Minuttenzuel, Här Rapporteur, déi ausschlaggebend ass fir d'Wichtigkeet vun de Projet-de-loien, mä et ass de Contenu vun deene Projet-de-loien. An duerfir géing ech gären lech, Här Rapporteur Thiel, an och deenen anere Kolleegen aus der Finanzkommissioun, Merci soe fir déi Sujete seriö behandelt ze hunn.

Ech géing och bei de Mercie wëlen dem honorablen Här Huss Merci soen, datt en d'accord war, datt mer seng Interpellatioun no dëse Projet-de-loien huelen, well ech muss ee Fliger huele fir op eng Sitzung vun der europäescher Agence vun der Sécherheet vun de Baussegrenzen ze goen. A vu datt de Fliger geschwé flitt, sinn ech frou, datt mer konnten déi Projeten hei am Ufank vun der Sitzung huelen. An duerfir wollt ech him fir dat Versteesdemech Merci soen.

Déi Projeten haut beweisen och d'Diversitéit vun der Finanzplaz. Et ass ee Projet iwwert déi international Pensiounsfongen, et ass ee Projet iwwert d'Assurancen, an et ass ee Projet, deen d'Kapital ass fir eis Bourse, nämlech dee vun de Prospekter vun de Valeurs mobilières. An et ass och grad déi Diversifizéierung vun der Finanzplaz, déi d'Regierung wëllt weiderdriewen. Well wann een op vill Standbeener déi Finanzplaz opbaut, dann ass se manner vulnérabel an da kréie mer se weider ausgeweit, wéi mer dat gären hätten.

Mir hätte gären op dëser Finanzplaz Rechtssécherheet fir nei Produkter; Rechtssécherheet, wat mer heimadder och schafen, mä déi awer net ausschléisst, datt ee

Flexibilitéit an déi Gesetzgebungen abaut, do wou verschidden Optioune méiglech sinn.

An ech deelen absolut net déi Analys, déi zum Schluss elo den Här Henckes gemaach huet, andeem en hei vun Iwwerreglementéierung schwätzt. Et kann een alles am Liewen natierlech, wéi dat beim ADR net ontypesch ass, pessimistesches gesinn. Et si sécherlech eng Rei Problemer, fir datt mer déi Gesetzgebung esou dévloppéiert kréie wéi mer dat gären hätten, mä ech si vläicht méi optimistesches. Ech liesen zum Beispill an der „Neue Zürcher Zeitung“ vum 25.6., dat war viru véier Deeg: „boomendes Fondsgeschäft in Luxemburg“. Do ginn dann dräi hollännesch, belsch Banken zitéiert, déi bal all hir Fongen aus Holland op Lëtzebuerg bruecht hunn. „Luxemburg wieder die Nummer 1.“

Ech ginn lech gären deen Artikel. Et gesäit een, datt de Wuesstum vum Nettoverméige vun de Fongen zu Lëtzebuerg méi schnell geklommen ass wéi an anere Länner. Dat ass och d'Resultat vun enger gudder Gesetzgebung, vun enger Gesetzgebung, déi mer permanent adaptéieren. An do wou mer Schwieregkeete feststellen, do musse mer kucken, datt mer déi Schwieregkeeten dann duerch erëm eng kéier Adaptatiounen vu Gesetzgebunge verbesseren.

Eis Gesetzgebung ass gutt. Duerch dës Gesetzer vun haut gëtt se nach besser. Mir kréien elo nei Méiglechkeeten, déi sech zesumme musse gesinn am Secteur vum „private banking“, wou iwwermer déi europäesch Quellesteierreglung ufänkt, déi also och eist Bankgeheimnis bäibehält. An all déi Saachen zesummen, dee ganze juristesche Kader, deen erlaabt et elo der Regierung fir op eng méi aktiv Aart a Weis d'Promotioun, d'Explikatioun vun der Finanzplaz op de Marchéen dobaussen ze maachen.

Mir sinn eng international Finanzplaz. Mir mussen also kucken, datt mer internationaalt Geschäft op Lëtzebuerg kréien, an duerfir hu mer eis och engagéiert, och ech perséinlech, fir an deenen nächste Méint selwer mat den Akteuren vun der Finanzplaz d'Vermaarte vun der Finanzplaz dobaussen ze maachen. Dat geet schonn u mat zwou Promotiounsreesen am Hierscht, déi eng an Amerika, déi aner an d'Vereenegt Arabesch Emirater, fir do och ze erkläre wat mir als Lëtzebuerg kënnen ubidden.

Et ass e Marché mat enger haarder Konkurrenz an duerfir muss een erkläre wat ee mécht, an dat kann d'Regierung zesumme mat den Akteuren vun der Finanzplaz. Dës Instrumenter hëllefen eis dobäi. An duerfir soen ech der Chamber Merci, datt se hei schéngt eng ganz breet Zoustëmmung zu dëse Projeten ze ginn.

Merci.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung vun deene véier Projets de loi, déi mer bis elo diskutéiert hunn.

5. 5444 - Projet de loi relative aux prospectus pour valeurs mobilières et

- portant transposition de la directive 2003/71/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 novembre 2003 concernant le prospectus à publier en cas d'offre au public de valeurs mobilières ou en vue de l'admission de valeurs mobilières à la négociation, et modifiant la directive 2001/34/CE;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une Commission de surveillance du secteur financier;

- portant modification de la loi du 23 décembre 1998 concernant la surveillance des marchés d'actifs financiers;

- portant modification de la loi du 30 mars 1988 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;

- portant modification de la loi du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque;

- portant modification de la loi du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales (suite)

Fir d'éischt de Projet de loi relative aux prospectus pour valeurs mobilières; dat ass d'Nummer 5444.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Also dat hei ass net dee Projet, wou den Här Henckes sech wollt enthalten.

(Hilarité)

De Projet de loi 5444 ass eestëmmeg ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Martine Stein-Mergen), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein (par M. Lucien Clement), Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens (par M. Claude Meisch), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

6. 5409 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances (suite)

Da komme mer zum Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances; dat ass d'Nummer 5409. Et dauert ee Moment, bis mer d'Elektronik um Stand hunn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5409 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein (par M. Norbert Haupt), Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

7. 5360 - Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle (suite)

Da komme mer zum Vote iwwert de Projet de loi concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle; dat ass den 5360.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5360 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen bei 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein

(par M. Lucien Clement), Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Fernand Diederich), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Wëllt ee seng Abstentioun motivéieren? Den Henckes huet et gemaach, mä déi aner?

(Interruption)

Hien huet et en bloc gemaach, fir lech alleguerten. Très bien.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Merci.

8. 5361 - Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep) et portant modification de l'article 167, alinéa 1 de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu (suite)

Da komme mer zur Ofstëmmung vum leschte Projet de loi relatif aux institutions de retraite professionnelle; dem 5361.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen bei 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Marie-Josée Frank), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens (par M. Henri Grethen), Henri Gre-